ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Juli 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

En Éducateur, deen zu Lëtzebuerg seng Schoule gemaach huet, muss eng Beruffszouloossung beim Schoulministère ufroen. Ech hunn e puer Froen zu dëser Prozedur, déi ech dem Här Minister heimat wéilt stellen:

1. Ass en Diplom vun enger Lëtzebuerger Schoul, respektiv en auslänneschen Diplom, deen hei am Land unerkannt ass, bei sozialpedagogesche Beruffer net Beruffszouloossung genuch? Wéi justifiéiert sech déi zousätzlech Prozedur?
2. Fënnt den Här Minister et normal, datt e jonken Educateur, deen op den Aarbechtsmaart kënnt, muss 75 Euro bezuelen, fir duerfen ze schaffen? Ass et net denkbar, déi Zouloossung als Deel a logesch Konsequenz vum Lëtzebuerger Diplom gratis ze maachen?
3. Wéi eng aner Beruffskategorien sinn enger ähnlecher Prozedur ënnerworf?
4. Wéi eng Informatiounen aus dem Casier judiciaire ginn an dëser Zouloossungsprozedur berücksichtegt an op wéi eng Manéier?
5. D'Délaien, déi d'Verwaltung sech virbehält, fir d'Beruffszouloossung auszestellen, leien tëscht zwou Wochen an dräi Méint. Ass dësen Délai vun dräi Méint net iwwerdriwwe laang, well en eventuell kann deene Betraffenen Schwieregkeete bei der Sich no enger Aarbecht maachen? Wéi laang dauert fir gewéinlech dës Prozedur?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten